N° 8258
Entrée le 25.09.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité intérieure

**Äntwert vum Här Henri Kox, Minister fir bannenzeg Sécherheet, a vun der Madamm Sam Tanson, Minister fir Justiz, op d'parlamentaresch Fro n° 8258 vum 23. August 2023 vum honorabelen Députéierten Fernand Kartheiser**

Ad. 1)
Fir d'éischt gëtt drop higewisen, dass kee Polizist einfach esou seng Déngschtwaff kann ofginn. Esou Decisioune ginn net eesäiteg vum Beamte geholl, mee am Zesummespill mat der Hierarchie an der *Direction des ressources humaines*.
De Policeminister ass net an deen Decisiounsprozess agebonnen a kritt och keng Informatiounen iwwert d'Grënn firwat e Beamte krankgemellt ass.
De Fait dat 4 Beamte wéinst grave Faiten an Untersuchungshaft sinn an och déi ëffentlech Diskussioune ronderëm dës Virfäll, notamment an de soziale Medien, beschäftegen natierlech vill Membres vun der Police.
De Service santé et bien-être au travail vun der Police kann och hei eng wichteg Roll spille vir d'Léit, déi seng Ënnerstëtzung froen, ze begleeden.

Ad. 2) :
Der Police ass et generell wichteg, dat en Equiliber tëscht „erfuerenen a manner erfuerene Beamten" op engem Kommissariat besteet.
Nëmmen esou kann en adequaten Encadrement garantéiert ginn. Dëst zielt souwuel fir d'Kommissariat op der Gare wéi och fir all anert Kommissariat.
All Polizist, deen sech fir eng Affektatioun an de Grupp op der Gare interesséiert, kann dat fräiwëlleg duerch eng Demande d'affectation maachen, wann do fräi Platze sinn. Selbstverständlech mussen déi verschidde Krittären, déi op der publizéierter Nott stinn, wéi z.b. d'Karriär, d'Anciennetéit etc. agehale ginn. Och musse statutaresch Konditioune respektéiert ginn, déi um generelle Statut vum Staatsbeamten hänken.

Ad. 3) :
Am Sënn vum Perimeterschutz si Kameraen am externe Beräich vun de Policekommissariater virgesinn, dëst natierlech an de Limitte vum gesetzlechen Dateschutz Kader a sous réserve vun den techneschen Ëmsetzungsméiglechkeeten sur place.
Doriwwer eraus wier eng systematesch Iwwerwaachung vun den individuelle Mataarbechter op hirer Aarbechtsplaz vum reglementaresche Kader hier net zoulässeg a géif ënner anerem och net dem Schutz vun der Privatsphär vun de Persounen (Affer, presuméiert Auteuren, Zeien, etc.), déi op engem Policekommissariat passéieren, entspriechen.

Ad. 4) :
Duerch de massive Rekrutement konnten dëst Joer eng Rei Verstäerkunge vun den Effektiver op de Kommissariater gemaach ginn. De Rekrutement wäert et erlaben dat des Verstäerkungen an de nächste Joren nach méi konsequent wäerten duerchgezu gi wann déi verschidde Promotioune mat hirer Formatioun fäerdeg sinn.
De Grupp op der Gare ass an de leschte Joeren a punkto Effektiv verstäerkt ginn. Dëst ass bei anere Kommissariater, déi änlech Situatioune kennen, nëmme bedéngt méiglech gewiescht wéinst dem Personal Manktem, dee sech iwwert eng länger Zäit opgestaut hat.
Donieft ginn d'Polizisten op der Gare vu Polizisten aus aneren Unitéiten an hirem Alldag ënnerstëtzt. Dat si Polizisten, déi e.a. och op de Grupp ob der Gare detachéiert ginn, an déi ënnert anerem Patrulle wéi

och Kontrollen am Kader vun der Drogekriminalitéit maachen, an de Polizisten, déi op der Gare affektéiert sinn, zur Verfügung stinn.
Vill logistesch Pilotprojete ginn oft als éischt op der Gare, resp. op änleche Kommissariater duerchgefouert, wéi z.B. d'Teste vun neien Déngschttenuen oder Déngschtmaterial (Funk, Stick, etc.), sou dat déi Polizisten d'Méiglechkeet hunn, hire Beitrag zur Verbesserung vun hirem Alldag kënnen ze leeschten.

Ad. 5) :
Iert eng Persoun an Untersuchungshaft placéiert gëtt, musse schlëmm Indicë bestoen, datt d'Persoun eng Strofdot begaangen huet, déi mat enger Prisongsstrof mat engem Maximum vun op mannst zwee Joer bestrooft gëtt.
Ausserdeem muss eng Fluchtgefor, eng Verdonklungsgefor, oder eng sougenannte Widderhuelungsgefor bestoen.
D'Congésperiod vun engem Magistrat fléisst net an déi Decisioune mat an, well se näischt mat der Appreciatioun vun deene Konditiounen ze dinn huet. Am Cabinet d'instruction an op de Parquete ass ëmmer ronderëm d'Auer eng Permanence assuréiert.
Di inculpéiert Persoun kann eemol am Mount eng Ufro op provisoresch Fräiloossung stellen. Souwuel de Parquet, wéi och di inculpéiert Persoun kënnen a Beruffung géint d'Decisioun aus éischter Instanz goen. D'Chambre du conseil vun der Cour d'appel huet 10 Deeg fir iwwert dem Parquet säin Appell ze statuéieren, an 20 Deeg fir iwwert der inculpéierter Persoun hiren Appell ze befannen.

Ad. 6) :
Vu dass et sech ëm eng lafend Affär handelt, spillt de „secret de l'instruction". Deemno decidéiert alleng de Ministère public iwwer d'Opportunitéit, fir doriwwer ëffentlech ze kommunizéieren.

Ad. 7):
En Untersuchungsgefaangenen gëtt vun der Policeeskorte duerch e verschlossenen Trakt bei den Untersuchungsriichter bruecht, an no senger Inculpatioun um selwechte Wee erëm zréck an de Prisong geféiert. Et ass net virgesinn, datt d'Visitte vun Detenuen duerch hier Famill am „Cabinet d'instruction" stattfannen. D'Visitte ginn, virausgesat et besteet e „permis de visite", am Prisong organiséiert.

Ad. 8) :
D'Poliziste sinn a gi weiderhin am Centre pénitentiaire Uerschterhaff (CPU) korrekt, mat Respekt an d'selwecht wéi all aner Gefaange, behandelt. Mat der Ausnam, dass si, zu hirer eegener Sécherheet, vun der genereller Bevëlkerung getrennt goufen. Dat ass och de Grond firwat zwee vun de Polizisten am Ufank provisoresch an der Infirmerie ënnerbruecht goufe – mëttlerweil sinn si all zesummen an engem Fligel ënnerbruecht. Am CPU läit, a priori, all Gefaangenen an engem Eenzelzëmmer. Déi zwee Polizisten an der Infirmerie haten zu all Moment Zougang zu enger Dusch. Wou d'Direktioun vum CPU vu méigleche Menacë géint d'Polizisten a Kenntnis gesat gouf, goufen direkt appropriéiert Mesure geholl fir dëst ze ënnerbannen.

Ad. 9) :
D'Regierung huet fir den Moment keng Kenntnis driwwer ob d'Madamm Ombudsman saiséiert goufff.

Ad. 10) :
Vu dass et sech em eng judiciaire Instructioun handelt, déi vun der IGP ënnert der Leedung vun de Justizautoritéiten ausgefouert gëtt, ass d'Policedirektioun net doriwwer informéiert, an deemno net mat de Beamten a Kontakt.
Eng "Assistance juridique" gëtt vum concernéierte Beamten béi der Fonction publique ugefrot.
E Soutien psychologique säitens dem Service psychologique vun der Police gëtt op Demande hin assuréiert. Sou e Service gëtt och dem familiären Ëmfeld vum Beamten ugebueden, wann dat gefrot gëtt.

Ad. 11) :
De « secret de l'instruction » bënnt d'Magistraten, d'Affekote vun de Beschëllegten an d'Enquêteuren, déi um Dossier schaffen. Et gëtt keng Ursaach unzehuelen datt ee vun deene Professionelle säi Secret violéiert hätt. A well dem Journalist seng Quelle geschützt sinn, dierf de Parquet do net nofroen, wien him déi Informatiounen zougespillt huet.

Ad. 12) :
De Parquet reprochéiert enger Persoun, géint déi hien eng « instruction judiciaire » opmécht, eng oder méi Strofdote gemaach ze hunn. Vun deem Moment un, wou den Untersuchungsriichter befaasst ass, lafen d'Ermëttlungen ënnert dem Untersuchungsriichter senger Autoritéit. Den Untersuchungsriichter instruéiert säin Dossier „à charge et à décharge" a genau dat man d'Ermëttler vun der IGP, a sengem Optrag, och. D'Onscholdsvermuddung gëllt bis datt e Riichter definitiv eng Verurteelung ausgeschwat huet.

Ad. 13) :
Am Fall vun enger Plainte géint en Member vun der IGP, décidéieren d'Autorités judiciaires, de Parquet oder den Untersuchungsriichter, wéi e Service vun der Police an esou engem Fall mat den Ermëttelunge befaasst gëtt.

Ad. 14):
Momentan si keng Dossieren um Parquet op, an deenen eng Plainte géint e Beamte vun der IGP gemaach gi wier. An der Vergaangenheet goufen dräi Dossiere géint Beamte vun der IGP klasséiert, an deene wuel Plainte géint si gemaach gi sinn, mee an deenen awer keng Strofdot konnt festgestallt ginn.

Ad. 15):
D'Generaldirektioun vun der Police an d'Generaldirektioun vun der IGP hunn ee regelméissegen an oppenen Échange.
De Policeminister ka net konfirméieren dat di allgemeng Relatiounen tëschent de Memberen vun der Police an deene vun der IGP net gutt wieren.
Dem Policeminister ass et wichteg dass déi zwou Verwaltungen am géigesäitegen Respekt mateneen ëmginn an dass d'IGP hir Roll als onofhängege Kontrollorgan vun der Police esou kann ausüben, wéi dat vum Gesetzgeber gewënscht ass.

Lëtzebuerg, den 22. September 2023

Den Minister fir bannenzeg Sécherheet

(s.) Henri KOX